N°1420
Entrée le 24.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.10.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/10/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.

D'FGFC mellt an engem Communiqué, dass d'Prime astreinte fir verschidde Mataarbechter beim TICE wäert ewechfalen. Zitat:

"Fakt ass, dass 110 Mataarbechter beim TICE déi besote Prime verléieren, déi zanter 1978 un dat ganzt Personal ausbezuelt gouf. D'Mataarbechter goufen ënnert dëse Konditiounen agestallt an hunn hiert Liewen do drop opgebaut. Hei geet et ëm eng pensionabel Primm vun 22 Punkten (aktuell 512,05 € brutto), déi d'Mataarbechter ab November 2024 all Mount verléieren.

Et handelt sech och net nëmmen just ëm Mataarbechter aus dem Atelier an der Administratioun. Vun deene ronn 110 Mataarbechter si majoritär Agents de transport betraff – 44 Buschaufferen, déi am Moment krankheets bedéngt reklasséiert sinn. De Statut vun de Gemengebeamte schreift vir, dass dës Primm un d'Karriär gebonnen ass. De Maître Bauler, Affekot vun der FGFC an Expert am Gemengesecteur, bezitt kloer Stellung, dass dëst net rechtens ass.

[…] D'FGFC huet och beim Minister Gloden intervenéiert fir matzedeelen, dass et bedenklech ass, dass säin Finanzcontrôle ronn 45 Joer brauch fir déi anscheinend Illegalitéit festzestellen an et dann och nach keen Dialog gëtt fir eng adaptéiert Léisung ze fannen."

Am Procès-verbal vum Suessemer Gemengerot vum 18ten Oktober 2024 hunn déi Gemengeresponsabel behaapt, dass den Inneministère op eegen Initiativ beim TICE Syndikat 2021 agegraff huet, fir déi Primm net méi auszebezuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bleift den Inneminister bei der Entscheedung, deene Leit beim TICE déi Prime d'Astreinte ewechzehuelen?
2. Kéinten déi Leit iwwert en anere Mechanismus hire Gehaltsverloscht kompenséiert kréien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten